

Se réckele mer op de Pelz

Scho wéi de Grég nach net pensionéiert war, gouf et fir hien nëmmen eppes: säi Gaart. Haut, wou hie well iwwert eng Dose Joer vun der Eisebunn fort ass, verbréngt en tëscht Mäerz an November méi Zäit op sengen dräi Ar, as wéi doheem tëscht senge véier Maueren.

De Gaart stéisst nämlech guer net un d'Haus, e läit baussent der Stad, do wou déi lescht Haiser keng richtig Stater Gebailechkeete méi sinn, mä scho bal un en Duerf erënneren. A wann hien haut doheem an den Auto klëmmt, fir an säi Gaart ze fueren, dann huet en och keng Fra méi, déi em nokeimt: „Fiers de lo nees?“

Hien huet en enzege Jong, de Phil, deen op der Musel wunnt, mä dee gesäit hien net dacks. D'Schnauer geet him net, an hire Bouf ass net gezillt. Heinsdo rífft en de Phil un, mä dann huet en e gudde Grond derzou.

Am November läit säi Gaart scho gemëscht a gegruewen. Eng dräi Reie Porrette stinn nach do, an den Hecke ronderëm de Gaart versammeln sech d'Spatzen, d'Kuelméschen, d'Blomesen an d'Spréiwen a waarden op d'Fudderhaisercher, déi hien hinnen ënnert d'Bierk, de Kiischtebam an

d'Sëlwerdänn stellt. Dat mécht en awer réischt, wann de Gaart an d'Hecke wäiss oder op d'mannst steif gefruer sinn, virdrun ass en net z'erweechen, an hie mengt, d'Vigel géifen dat och lues a lues bekäppen.

Schonns e gudde Mount den Äishellegen op de Virzock, kéngt a blitt a richt et an sengem Gaart. Wann déi éischt Mäerzsonn rauskënn, hëlt hien Heel a Reech aus dem Haischen, an no e puer Deeg sinn seng véier Quadraten eppes wéi eng Äschekaul. D'Zäit gëtt him da scho bal laang, bis en seng Ënne setze kann, bis et un der Zalot, un den Tomaten oder un de Gromperen ass. Laanscht d'Pied, déi hie mat grouse Leeëplacken ausgeluecht huet, bléien der Rei no d'Schnéikläckelcher, d'Krokussen, d'Ouschter- an d'Schlüsselblumen. All déi aner kommen no, um Daachkulang vum Haischen hänken a flamen d'Geranie bis op de Buedem, an am spéide Summer verschwënnt d'Haische bal ganz hannert de grouse Sonneblumen, déi Käpp wéi Flourieder hunn, an deenen hir Kären heron fir d'Wantervigel sinn.

Iwwer Mëtteg fiert de Grég seelen heem, an am Gaardenhaischen huet hien zwou Kachplacken a virun der Dier e Krunn.

Wat brauch ee méi fir eng Zopp oder en Teller Nuddelen? Dobaussen an der Sonn steet eng al gefliichte Fotell, an där hien d'Zeitung liest. Déi hëlt hien doheem aus der Boîte, ier en an den Auto klëmmt. An heinsdo faalt en d'Zeitung vir der Zäit zesummen, leet sech an der Fotell no hannen a kuckt iwwer Gaart an Hecke wech. 't steet net méi vill Gutts an der Zeitung, an hei, ronderëm säi Gaart, steet him och näischt Gutts un.

Wéi hien a Pensioun goug, huet ee vun hei aus nach kilometerwäit an d'Wisen an an d'Stëcker ragesinn. Lénks a riets vun sengem Gaart konnt ee mat Leit schwätzen, déi och e Gaart heibaussen haten. Laanscht de Flouerwee, deen hannert dem Gaart leeft, hu sammesch iwwer grouss Feierblumen hir Käpp am Wand gewéit.

Zënter Jore scho wüsst dohannen eng Cité, ass dohannen en aneren

Horizont. Lo lafen se schonn nees mat roude Staangen a Miessapparaten duerch d'Landschaft, an de Flouerwee ass en eenzege Schantjen. Se leeë Leitungen, heescht et. E puer Häre stoung virun e puer Wochen um Wee an hu bei hie riwwergekuckt.

Hie weess, wat an deenen hire Käpp virgeet. Lénks a riets vun him verkommen d'Gäert, well se verkaaft, als Bauplaze méi wäert sinn. Bei him haten s'och probéiert. Virun engem Joer sot en hinnen ee fir allemol, hie bräicht hir Suen net, seng dräi Ar wieren him méi wäert wéi honnerttausend Euro.

Virgëschter huet en säi Jong ugeruff. „Se réckele mer op de Pelz“, sot en zum Phil. Ee vun de Bulldozeren, déi um Feldwee Terror maachen, war him an den Heckenzonk gerannt an ass haart laanscht den Zonk mat bulldozere weidergefuer. Hie war rof bei den Zonk gaangen an huet een ugebierelt, deen an engem feine Kostüm a mat engem Plang am Grapp do stoung.

„Wat wëllt Der hunn“, huet dee gelaacht, „een, dee fënnef Joer op engem Bulldozer fiert, deen huet d'Mentalitéit vun engem Bulldozer. Dir hutt dach bal kee Schued, mä maacht einfach eng Plainte, wann der mengt.“

„D'Mentalitéit vun engem Bulldozer“, dorun huet hien de ganzen Dag missen denken, hien huet dem Phil dat misse verzielen.



„Komm, lies dat hei mol!“, rífft de Phil véierzéng Deeg méi spéit seng Fra a weist op e klengen Artikel an der Zeitung. D'Fra liest vun engem Mann, dee well Deeg laang mat enger Flënt um Schouss baussent der Stad an sengem Gaart gesiess hätt, an um Zonk hätt e Schëld gehaangen, op deem „Minnefeld“ dropstoung. D'Polizei hätt de Mann a psychiatresch Behandlung ginn.

Iwwerdeems d'Fra liest, gesäit hien zwéi Flicker duerch de Virgäertche kommen.

„Däi Papp?“, freet d'Fra ängschtlech. „Mäi Papp“, seet de Jong dréchen.

Josy Braun

Guy Hoffmann

